01/2021

# de bulletin



**Editorial vum Patrick Remakel**
Impfplang : Prioriséierung fir d'Enseignanten, den SNE/CGFP seet JO!

**Covid-19**
une opportunité pour repenser l'enseignement de demain ?

**Bradéiere vum Beruff**
Kommentar vum Laurent Berck

**Stimm- und Sprechtraining für den Unterricht**
Buchtipp vum Vanessa Schetgen

sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir Iech, mat Iech, zesumme méi staark!

ROOM
Luxembourg

# Bewegtes Lernen

## Flexible Möbel bewegen auch den Kopf

ROOM Luxembourg S.à r.l.
11, Um Lënsterbierg
L-6125 Junglinster

Tel.: 288 00 11
info@room-luxembourg.lu
www.room-luxembourg.lu






Schulmöbel
Bibliotheken
Kindergartenmöbel

Konferenzräume
Büromöbel
Empfangstheken

Raumplanung
Beratung vor Ort
Individuelle Möbel

# Sommaire

debulletin
1/2021

02 Editorial vum Patrick Remakel
Impfplang : Prioriséierung
fir d'Enseignanten, den SNE/CGFP seet JO!

10 Verlängerung
Referenzperiod

12 Covid-19
une opportunité pour repenser
l'enseignement de demain ?

14 Bradéiere vum Beruff
Kommentar
vum Laurent Berck

16 sne seniors
Eng nei Rubrik am Bulletin
an op eisem Internetsite

24 Stimm- und Sprechtraining
für den Unterricht
Buchtipp vum Vanessa Schetgen

# Éditorial

## Impfplang : Prioriséierung fir d'Enseignanten, den SNE/CGFP seet JO!

D'Erkenntnis, dass sech de Virus och an de Schoule verbreet, ass och elo endlech am Educatiounsministère ukomm. Onbestridden ass mëttlerweil d'Tatsaach, dass de Virus net virun de Schouldiere stoe bleift, mee sech och innerhalb vun de Schoule verbreet. Virun allem déi nei Virusmutatiounen, déi, de Wëssenschaftler no, méi infektiéis sinn, stellen d'Schoule viru grouss Erausfuerderungen a verlaange nach méi Efforten a Virsiicht vu Säite vun der Schoulpopulatioun.

D'Politik ass hei gefuerdert, huet si dach d'Aufgab, jo esouguer d'Flicht, d'Enseignanten an der Schoul bei hirer Aarbecht am Kontakt mat de Kanner beschtméiglech géint Infektiounen ze schützen.

D'Fuerderung no Schutz vum Personal kritt ëmsou méi Wichtegkeet duerch d'Feststellung, dass den Infektiounstaux bei den Enseignantë wärend de Schoulwochen dacks däitlech iwwert deem vun der Allgemengpopulatioun läit. D'Schoul ass also definitiv net dee virusfräie Raum, deen ee sech wënscht. D'Gefor vun enger Ustiechung ass also beim Presenzunterrecht ëmmer wéi e « Gespenst » am Hannergrond.

Obwuel de MENJE am Laf vun der Pandemie a munche Punkten Asiicht gewisen huet an enger Rei vu Fuerderunge vum SNE/CGFP nokomm ass (konsequenten a systemateschen Testing vun der Schoulpopulatioun, Asetze vun CO2-Ampelen, respektiv -Moossapparater) sinn trotzdeem eng Partie Fuerderunge vum SNE/CGFP guer net, respektiv nëmmen onzefriddestellend erfëllt ginn.
Déi Mesurë kéinten awer, an den Aen vum SNE/CGFP, zousätzlech derzou bäidroen, fir de Kanner an dem Schoulpersonal méi eng grouss Sécherheet virun Infektiounen ze ginn, wann déi politesch Responsabel sech dann endlech derzou duerchrënge kéinten, dës ëmzesetzen.

**Rappeléiere mir emol kuerz déi Fuerderungen:**

- **FFP2-Masken an ausräichender Zuel fir all Enseignant, deen der wëllt;**
- **Installatioun vu mobile « Raumluftreiniger » an all Klassesall;**
- **Bereetstelle vu Féiwermoossapparater an de Schoulen.**



An den Ae vum SNE/CGFP géifen dës Mesuren derbäi hëllefen, de Risiko erofzesetzen, sech an der Schoul mam Covid-19 unzestiechen.
Et gëtt awer och elo Zäit, d'Impfstrategie vun der Regierung ze thematiséieren.

Natierlech ass d'Festleeë vun der Reiefolleg vun den Impfgruppen, an domadder och d'Fro vun der Prioriséierung vun Enseignanten innerhalb vum Impfplang, eng sensibel Debatt. Fir den SNE/CGFP war et vun Ufank u kloer, dass vulnerabel Mënschen a Personal aus dem Gesondheetssecteur, also engem systemrelevante Secteur, absolut prioritär geimpft misste ginn.

### Wat den Enseignement ubelaangt, huet den SNE/CGFP awer och eng ganz kloer Meenung :

D'Enseignantë sollten, op fräiwëlleger Basis prioritär geimpft ginn.
Als Argumentatioun féiere mir un:

- dass och a verschiddenen anere Länner d'Enseignanten als eng Beruffsgrupp agestuuft ginn, déi bei der Impfung eng Prioritéit huet;
- dass Kanner ënner 6 Joer keng Mask brauchen unzedoen an d'Enseignantë sech just op d'Protektioun vun hirem Mask verloosse mussen ;
- dass och d'Kanner aus dem Cycle 2–4 keng Mask brauchen unzedoen, wann d'Elteren dat refuséieren;
- dass beim Schoulhalen e ganz noe Kontakt mat de Schüler kaum ze vermeiden ass, an dass et am allgemenge Schoulalldag schwéier ass, d'Ofstandsreegelen an aner Hygiènesmoossname bei de Kanner zu all Moment anzehalen;
- dass et heiansdo net garantéiert ka ginn, dass d'Kanner sech zu jidder Zäit un d'Recommandatioun, eng Mask unzedoen, halen an dat och schwéier ze kontrolléieren ass.

Dem SNE/CGFP feelt et also net un Argumenter.

Mir sinn der Meenung, dass d'Schoul e Beräich ass, wou sech vill Mënschen – Kanner wéi och Erwuessener – treffen a sech iwwert e längeren Zäitraum an zouene Raim ophalen. Vun dohier ass et an onsen Ae vu grousser Wichtegkeet, d'Enseignantë prioritär ze impfen. Obwuel d'Schoulen net onbedéngt als Infektiounsdreiwer « per se » gëllen, huet sech awer







**Et geet dem SNE/CGFP och net duer, dass den Educatiounsminister just Verständnis fir eis Fuerderung weist an dass hien, als « Ministre de tutelle », déi Fuerderung innerhalb der Regierung ënnerstëtzt.**

mëttlerweil erausgestallt, dass d'Schoulen trotzdeem an net onerhieflechem Ausmooss zu der Verbreedung vum Virus bäidroen. Eng fréizäiteg Impfung vun Enseignanten an Educateure kéint dofir an eisen Aen dozou bäidroen den Infektiounsrisiko an der Schoul, an awer och Iwwerdroung vum Virus an der Gesellschaft, ze verréngeren.

E prioritäert Impfe vun den Enseignantë géif an den Ae vum SNE/CGFP sécherlech de Risiko reduzéieren, dass Schoule pandemiebedéngt zou gemaach misste ginn an derzou bäidroen, de Presenzunterrecht sou laang wéi nëmme méiglech ze garantéieren. An dat muss jo awer och e primäert Zil vun eis all sinn!

Mëttlerweil ass nämlech och d'Tatsaach onbestridden, dass een de Presenzunterrecht net kann duerch en Distanzunterrecht ersetzen. D'Bildung vun eise Kanner misst eis all um Häerz leien a fir eis Gesellschaft un éischter Plaz stoen. Aus deem Grond ass eiser Opfaassung no d'Schoul als systemrelevante Beräich anzeuerdnen.

Opgrond vun all dësen Argumenter schwätzt den SNE/CGFP sech fir eng prioritär Impfung vun den Enseignanten op enger fräiwëlleger Basis aus, esouguer wann den Ethikrot sech géint esou eng Virgoensweis géif ausschwätzen.
Et geet dem SNE/CGFP och net duer, dass den Educatiounsminister just Verständnis fir eis Fuerderung weist an dass hien, als « Ministre de tutelle », déi Fuerderung innerhalb der Regierung ënnerstëtzt.

Neen, mir fuerderen d'Regierung op, eng kloer Positioun ze bezéien, den Enseignement als systemrelevante Secteur unzeerkennen an dofir eng Prioriséierung vun den Enseignanten am Impfplang an d'Weeër ze leeden.

D'Politik muss Verantwortung iwwerhuelen an däerf sech gegeebenenfalls net hannert dem Ethikrot verstoppen, an dat am Sënn an zum Wuel vun all eise Kanner!

Obwuel Lëtzebuerg jo bekanntlech kee Bundesland ass, kéint d'Lëtzebuerger Regierung sech awer un Däitschland inspiréieren, wat d'Impfprioritéit vun den Enseignanten ubelaangt.
Hei hunn déi politesch Responsabel sech och iwwert den Avis vum Ethikrot ewech gesat an den Enseignanten eng prioritär Plaz am Impfplang attribuéiert!



**Patrick Remakel,**
**President SNE/CGFP**

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

Monsieur Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
29, rue Aldringen
L- 1118 Luxembourg

Luxembourg, le 7 janvier 2021

**Objet:** missions des chargés de gestion administrative, affectés aux directions de région

Monsieur le Ministre,

Par la présente, le SNE/CGFP tient à exprimer son étonnement quant à la teneur de l'article "Heimlich, still und leise" paru au "Luxemburger Wort" le 19 décembre 2020. Dans l'article en question sont énumérées les missions des chargés de gestion administrative, affectés aux directions de région de l'enseignement fondamental et classés dans le groupe de traitement A1. C'est avec consternation que nous avons pris connaissance du fait que de nombreuses missions à caractère pédagogique semblent entrer dans les compétences de ces agents administratifs. Sont mentionnées notamment dans l'article les compétences suivantes qui tombent, à notre avis, exclusivement dans le domaine pédagogique:

- Professionnalisation du personnel enseignant, éducatif et administratif de la région;
- Accompagnement de l'insertion professionnelle du personnel enseignant et éducatif;
- Soutien accru des écoles dans la mise en œuvre des nouveaux concepts de plurilinguisme;
- Mise en œuvre des nouveaux dispositifs d'inclusion, de soutien et d'aide aux élèves à besoins éducatifs spécifiques et particuliers;
- Accompagnement des écoles dans l'élaboration et la mise en œuvre de concepts pédagogiques et organisationnels favorisant l'individualisation des parcours scolaires et dans la gestion de l'hétérogénéité.

Si le SNE/CGFP peut se déclarer d'accord avec le recrutement d'agents administratifs pour les besoins des directions de région, ce n'est que sous condition que le domaine d'activité de ces derniers se limite strictement à des tâches administratives.

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

Le SNE/CGFP ne tolérera en aucun cas que les chargés de gestion administrative accomplissent des missions d'ordre pédagogique.

D'autre part, l'élargissement des compétences des agents administratifs à des tâches pédagogiques ne serait-il pas à considérer comme une nouvelle tendance vers une privatisation de l'enseignement public?

Dans l'espoir de vous lire à ce sujet, nous vous prions d'agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de notre plus haute considération.

Patrick Remakel    Gilles Glesener

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 1er février 2021

Enseignement fondamental – FV – GS
tél.: 247 – 85118, fax: 247 – 85123

Syndicat National des Enseignants
c/o: Monsieur Patrick REMAKEL et Monsieur Gilles GLESENER
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie

**Objet : missions des chargés de gestion administrative, affectés aux directions de région**

Monsieur le Président,
Monsieur le Secrétaire,

J'accuse bonne réception de votre courrier du 7 janvier 2021 concernant les missions des chargés de gestion administrative affectés aux directions de région.

En annexe de la présente, je me permets de vous joindre en tant que publication type celle du poste de chargé de gestion administrative destinée à intervenir dans la direction de région 02 qui renseigne entre autres sur le profil recherché ainsi que les missions constituant la tâche de l'agent à recruter. Il ressort de ces missions que le personnel nouvellement recruté est exclusivement en charge de tâches administratives et aucune tâche pédagogique ne peut, pour des raisons apparentes, être attribuée à ce dernier.

Suite à l'apparition de l'article « Heimlich, still und leise » paru dans les pages du *Luxemburger Wort* le 19 décembre 2020, les services impliqués dans le recrutement des gestionnaires administratifs et étonnés par les missions publiées dans la presse ont lancé une analyse approfondie des documents élaborés dans le cadre du recrutement concerné. Ce n'est qu'après coup que les agents concernés se sont rendus compte qu'un document interne reprenant la description de poste du gestionnaire administratif comprenait une erreur au niveau de l'énumération des missions des agents à recruter. Il va sans dire que le document en question a été redressé de suite par les agents compétents et qu'une version rectifiée dudit document a été transmise aux directions de région pour clarifier les missions des gestionnaires administratifs nouvellement recrutés.

Tout en vous assurant qu'un élargissement des tâches du personnel administratif vers des tâches pédagogiques n'est pas prévu, je vous prie d'agréer, Monsieur le Président, Monsieur le Secrétaire, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch

Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

33, Rives de Clausen
L-2165 Luxembourg

Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113

info@men.lu
www.men.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

# Präsentatioun vum Sarah Rogalski



Ech sinn d'Sarah Rogalski an hunn nei als « Secrétaire syndicale » am September 2020 beim SNE/CGFP ugefaangen.

Nom Ofschloss vu mengem Trinationale Master an der Literatur-, Kultur- a Sproochgeschicht aus dem däitschsproochege Raum hunn ech no engem neien Challenge gesicht, deen et mer erméiglecht, zesumme mat enger léiwer Ekipp vill verschidden nei Beräicher an interessant Leit kennenzeléieren. Dësen Challenge hunn ech beim SNE/CGFP fonnt. Hei këmmeren ech mech elo ënner anerem ëm d'Uleie vun all eise Memberen.

Wann Dir op den 48 11 18 – 1 urufft oder e Mail op sne@education.lu maacht, kommt Dir direkt bei mir am Sekretariat eraus, wou ech ëmmer probéieren Iech beschtméiglechst bei Äre Froe weiderzehëllefen.

Ech freeë mech vun Iech ze héieren.

## NOUVEAUTES

900 | 8,50 €




### Zum Superhelden durch das Coronavirus

Hey, ich bin Maxim. Ich bin 10 Jahre alt und wohne in Biwingen. In der Coronazeit, als vieles geschlossen war und wir zu Hause bleiben sollten, war es mir langweilig, wie bestimmt vielen von euch auch. Die Schulen geschlossen, kein Handballtraining und auch keine Übungen bei der freiwilligen Jugendfeuerwehr! Da hatte ich die Idee, eine Geschichte zu schreiben über einen Superhelden, der das alles erlebt, was ich in dieser Krisenzeit gesehen und gehört habe.

Ich wünsche euch viel Spaß beim Lesen und hoffe, es gefällt euch.

Maxim Schaeffer

Cycle 1, 2, 3

039 | 24,00 €




### De MUNI-Bier a seng Frënn duerch déck an dënn

Dem Muni-Bier seng Schwësterchen ass op Weltrees.
Sou eleng, fillt de Bier sech traureg.
Gutt, datt hien an dëser schwéierer Zäit op seng Frënn kann zielen.

Auteur: Muñoz Joe

Cycle 1, 2, 3

Weider Detailer vun de Bicher fannt dir ob eisem neie Site: **www.sne.lu (shop)**

# Verlängerung Referenzperiod

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Well eng Partie « Formations continues en présentiel » wärend dem Confinement am Joer 2020 ausgefall sinn an och duerno d'Formations continueën nëmmen « en distanciel » ofgehale goufen, hat den SNE/CGFP gefrot, ob een déi aktuell Referenzperiod vun 3 Joer fir déi obligatoresch Unzuel u Formatiounsstonnen ze leeschten, kéint ëm 3 Méint verlängeren.

Mir wollten iech heimadder dorobber opmierksam maachen, dass dëst an der Grondschoul duerch d'groussherzoglecht Reglement vum 12. Juni 2020 geschitt ass fir d'Léierinnen an d'Schoulmeeschteren, fir d'Chargé-de-coursen, déi der « Réserve des suppléants » ugehéieren a fir d'Educateuren, respektiv d'Educateur-graduéen.

Am « Enseignement secondaire » ass d'Referenzperiod och ëm 3 Méint verlängert ginn, an dat duerch d'Gesetz vum 20. Juni 2020.

Fir Informatioun loosse mir iech uschléissend d'Extraite vun den entspriechende gesetzlechen Dispositiounen zoukommen.

***Extraiten aus dem Règlement grand-ducal vum 12. Juni 2020 portant dérogation***

***1° à l'article 6 du règlement grand-ducal modifié du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental ;***

***2° à l'article 6 du règlement grand-ducal modifié du 23 mars 2009 fixant le détail de la tâche des chargés de cours, membres de la réserve de suppléants de l'enseignement fondamental ;***

***3° à l'article 18 du règlement grand-ducal du 6 juillet 2009 fixant les détails de la tâche des éducateurs et des éducateurs gradués de l'enseignement fondamental ;***

***4° aux articles 10, 11 et 15 du règlement grand-ducal modifié du 30 septembre 2014 déterminant les modalités de formations et des épreuves permettant à des agents intervenant dans l'enseignement fondamental d'obtenir l'autorisation d'enseigner en tant qu'instituteur dans les quatre cycles.***

*Art. Ier.*

*Par dérogation à l'article 6 du règlement grand-ducal modifié du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental, la période de référence de trois années scolaires actuellement en cours pendant laquelle les instituteurs participent à quarante-huit heures de formation continue, est prolongée de trois mois.*

*Art. II.*

*Par dérogation à l'article 6 du règlement grand-ducal modifié du 23 mars 2009 fixant le détail de la tâche des chargés de cours, membres de la réserve de suppléants de l'enseignement fondamental, la période de trois années actuellement en cours pendant laquelle les membres de la réserve de suppléants participent à quarante-huit heures de formation continue, est prolongée de trois mois.*

*Art. III.*

*Par dérogation à l'article 18 du règlement grand-ducal du 6 juillet 2009 fixant les détails de la tâche des éducateurs et des éducateurs gradués de l'enseignement fondamental, la période de trois années actuellement en cours pendant laquelle les éducateurs et les éducateurs gradués de l'enseignement fondamental participent à cent vingt heures de formation continue, est prolongée de trois mois.*

*(…)*

***Extraiten aus dem Gesetz vum 20. Juni 2020 portant dérogation :***

***1° aux chapitres 2 à 3quater de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;***

***2° à l'article 5 de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire.***

*(…)*

*Art. 2. Par dérogation à l'article 5 de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire, la période de trois ans actuellement en cours pendant laquelle les enseignants participent à quarante-huit heures de formation continue obligatoire, est prolongée de trois mois.*

*(…)*

syndicat national des enseignants cgfp

Léif Memberen,
Säit 2008 huet d'Cotisatioun vum SNE net méi changéiert. Wärend dëser Zäit as den Index 8 mol ëm 2,5% ugepasst gin. Den SNE huet sech elo gezwonge gesi fir eng Cotisatiounsupassung virzehuelen. Eng grouss Majoritéit vun den Delegéierten aus der « assemblée des délégués » huet dëser Cotisatiounsupassung zougestëmmt. Déi nei Cotisatioune gëllen vun 2021 un a mir wëllen nach eemol drop hiweisen, dass eis Kotisatioune fir d'Kalennerjoer sinn an net fir e Schouljoer.

De Comité vum SNE

**www.sne.lu**

# Covid-19 :

## une opportunité pour repenser l'enseignement de demain ?

*Conférence du psychopédagogue Yves Demoulin*

A la date du 28 mars 2020, la pandémie de Covid-19 prive d'école plus de 1,6 milliard d'enfants et de jeunes dans 161 pays, soit près de 80% des élèves scolarisés dans le monde.
Selon Jean-Michel Blanquer, Ministre de l'éducation nationale en France, le confinement a d'ailleurs été une catastrophe éducative mondiale.

La pandémie met en lumière l'accroissement des inégalités. En effet, les élèves ne bénéficient pas tous des mêmes conditions matérielles et il est clair que certains ont la chance d'avoir des parents qui peuvent s'engager, alors que d'autres ne peuvent pas compter sur l'appui de leurs parents. Une analyse du comportement des systèmes numériques utilisés lors du confinement produit un bilan mitigé. On constate un déficit de formation d'une partie du monde enseignant. Les élèves du secondaire se démotivent et perdent confiance en leur efficacité. Un rapport parlementaire français de 270 pages pointe encore les effets de la crise sur la santé des étudiants qui gagnent en anxiété et en poids, et



qui ont plus tendance à arrêter leurs études.

En ce qui concerne l'introduction des nouvelles technologies en classe, on peut dire que la Covid-19 aura réussi à faire en moins d'un an ce que d'aucuns essaient de faire depuis parfois très longtemps. L'utilisation de l'enseignement à distance mais aussi la formation à distance et les visioconférences se généralisent au primaire, secondaire et supérieur.
Des discussions autour de l'avenir de l'enseignement montrent la nécessité de définir trois stratégies :

### La stratégie de différenciation

A chaque élève correspond un profil d'apprentissage principal (visuel, auditif, kinesthésique...). Va-t-on faire encore la même chose pour tout le monde au même moment ?

### La stratégie de lutte contre le décrochage

L'apprentissage n'est possible que lorsque les élèves sont vraiment motivés. Comment permettre aux élèves de rester motivés ?



### La stratégie d'hybridation

Elle peut être synchrone (présentiel, classe virtuelle, webinaire...) ou asynchrone (ateliers, devoirs, groupes de discussion). Comment peut-on faire se concilier l'enseignement en présentiel et en ligne ?

Selon le type d'enseignement, il existe différents outils ou méthodes à privilégier comme par exemple :

### en présentiel :

Wooclap, la plateforme interactive, la réalité virtuelle, la SimSchool 2.0, le Merge Cube

### en distanciel :

les MOOCs, la Khan Academy, les classes virtuelles, la gamification, la ludopédagogie

### en hybridation :

la classe inversée (flipped classroom)

La classe inversée est un modèle centré sur l'élève qui prépare le cours à l'aide de capsules vidéo et de quiz. En classe, les élèves travaillent en groupe en utilisant ce qu'ils ont retenu la veille. A la maison, les élèves révisent et vérifient leurs connaissances. Chaque élève est motivé pour apprendre et progresse à son rythme.

**Quelles sont les démarches à effectuer par l'enseignant quand il propose à ses élèves de travailler en classe inversée ?**

Tout d'abord il doit se former et s'informer, ce qui peut se faire en ligne en participant à des MOOC, en lisant des interviews, des dossiers et des témoignages. Ensuite il informe les élèves et les parents de la démarche et réalise un plan de travail pour la maison et pour la classe. Finalement, il trouve ou crée des ressources (vidéos, animations...) qu'il diffuse dans un endroit accessible (YouTube, Google Drive...).

**Est-ce que la Covid-19 est une opportunité pour repenser l'enseignement de demain ?**

Quelques méta-analyses semblent indiquer un léger avantage pour l'enseignement en ligne versus celui en classe. Mais la recherche montre qu'il est difficile de garder les étudiants motivés et engagés par des leçons uniquement en ligne. Les classes qui intègrent les deux approches (classes hybrides) semblent les plus prometteuses. Plusieurs études mettent en avant l'avantage du modèle hybride (blended, en anglais) (Carey, 2020).

Il faut toutefois rester prudent. L'éducation à distance fonctionne parfois très bien, et d'autres fois pas du tout. Il semble pertinent et opportun dans son enseignement à distance d'intégrer des stratégies pédagogiques gagnantes comme l'apprentissage par les pairs, mais aussi la pédagogie par projets, la classe inversée.

Dans tous les cas de figure, efforçons-nous de rester optimiste. La question n'est pas de savoir quel type d'enseignement est le plus efficace, mais comment faire mieux dans le contexte, selon les besoins ou les caractéristiques des élèves et de la discipline à l'étude.

**La pandémie met en lumière l'accroissement des inégalités.**

**En effet, les élèves ne bénéficient pas tous des mêmes conditions matérielles et il est clair que certains ont la chance d'avoir des parents qui peuvent s'engager, alors que d'autres ne peuvent pas compter sur l'appui de leurs parents.**



**De Claude Ries ass Enseignant am Cycle 3 an der Ecole Fondamentale vum Howald a « Membre élu » vum Comité CSEE/ETUCE**

# Bradéiere vum Beruff

## Bradéiere vum Beruff duerch d'Astelle vun onqualifizéiertem Personal

«Not macht erfinderisch» seet en däitscht Spréchwuert an dëst trëfft och am Zesummenhang mat der Covid-19-Pandemie op de MENJE zou. De Virstellunge vum MENJE no soll deen duerch d'Covid-19-Pandemie verursaachte Personalmangel duerch d'Astelle vun Ersatzpersonal mat just engem Premièresdiplom an ouni Stage behuewe ginn.

Ganz nom Prinzip vum Bradéiere ginn doduerch d'Erwaardungen an d'Ausprech fir d'Astelle vun neiem Schoulpersonal esou wäit no ënne geschrauft, bis dass ee genuch Leit fonnt huet fir dat Lach opzefëllen. Esou léist een zwar schnell de Problem vum Personalmangel, mee dëst féiert och zur Deprofessionalisatioun vum Beruff an zu engem Qualitéitsverloscht vum Unterrecht an eise Schoulen.

## Deprofessionalisatioun duerch d'Bradéieren

Andeems een d'Qualifikatioun fir kënne Schoul ze halen ëmmer méi erofsetzt, gëtt ëmmer manner Wäert op d'Professionaliatioun vum Beruff geluecht. Mat just engem Premièresdiplom, ouni déi elementaarst Grondkenntnisser vun Didaktik a Pedagogik an ouni iergendeng Erfarung huet een absolut guer keng Ausbildung wat d'Schoulhale betrëfft. Et bleift engem dann näischt anescht iwwreg wéi sech genee un d'Schoulbicher ze halen, sech u Best Practice-Beispiller oder didaktesch a pedagogesch Rezepter, déi een duerch Zoufall iergendzwousch opgeschnaapt huet, ze orientéieren an ze klameren.

Et gëtt domadder de schnelle Wee fir Schoul ze halen geschafen. E schnelle Wee, deen am Kontrast steet zu engem véier Joer laange Bachelorstudium mat uschléissendem Stage, Vermëttlung vun Didaktik an Abléck an d'Sozialwëssenschaften.

Duerch dësen « Express-Zougang » zum Beruff gëtt déi geleefeg a wäit verbreete Meenung, dass souwisou jiddere Schoul hale kann, well en d'Matière vum Fondamental anscheinend jo beherrscht, leider a fälschlecherweis ënnermauert.

D'Folleg ass en Däiwelskrees mat engem weidere Verloscht vun der Attraktivitéit a Prestige vum Beruff, engem nach gréissere Mangel u qualifizéiertem Personal an zum Schluss engem weidere Bradéiere vum Beruff.

## Bradéieren op Käschte vun eise Kanner

Ënnert déser Deprofessionalisatioun leit am Endeffekt ganz massiv d'Qualitéit vum Unterrecht. Mat der Première verfüügt ee warscheinlech (oder hoffentlech!) schonn iwwert dat néidegt Wëssen an den eenzele Schoulfächer.

Mee wat feelt sinn awer all déi Kenntnisser, déi d'Schoulhale betreffen.

Dorënner fält fir d'éischt emol d'Didaktik an d'Methodik, also d'Kompetenzen zur Vermëttlung vum Wëssen un d'Kanner. Dës Kenntnisser sinn awer eng Basisviraussetzung fir ënnert anerem d'Léierinhalter kandgerecht an optimal kënnen opzebereeden an ze vermëttelen an d'Léierprozesser ze initiéieren.

Dës Léierprozesser, esou wéi och d'Feeler vun de Kanner muss den Enseignant analyséiere kënne fir dorobber adequat ze reagéieren. Dozou gehéiert och e Wëssen iwwer spezifesch Léierschwieregkeete wéi ënnert anerem all d'Dysen an domat déi néideg Upassung vum Unterrecht.

Niewent de Kenntnisser zur Wëssensvermëttlung kënnt dann och nach den Zougang zu, respektiv de Kontakt mat de Kanner derbäi. An domat verbonnen ass den Ëmgang mat verhalensopfällegen, onmotivéierten oder



esouguer traumatiséierte Kanner oder ebe Kanner, déi sech an enger « Situation de détresse » befannen, sief et duerch eng Scheedung, den Doud oder d'Krankheet vun engem Familljemember, Gewalt doheem, … .

Dobäi kommen dann nach d'« Gérance de classe », Elteregespréicher an Eltereberodung.

